Association Nationale des Infirmières
et Infirmiers Luxembourgeois (ANIL)
3, rue Auguste Lumière
L-1950 Luxembourg

## Rapport vum Café de l'infirmière, den 04.12.2017

# Wéi eng Punkten wëllen mir gären um Wahlprogramm?

## Eng transparent, kongruent an zukunftsweisend Fleegepolitik!

Eng Zesummenaarbécht vum Conseil d'Administration vun der ANIL (Anne-Marie Hanff, Danielle Meyer, Marie-France Liefgen, Michèle Halsdorf, Nicole Weis-Liefgen a Régine Risch) mat:
Castor Aguilera, Georgette Tholl, Gilles Evrard, Martini Claude a Viviane Kieffer-Schmit

# ARGUMENTATIOUN. PATIENTINNENSÉCHERHEET

D'PatientInnensécherheet ass national an international gefährdet! Dëst weisen ëmmer méi Studien, wou Lëtzebuerg allerdéngs net matgemaach huet (RN4cast, NEXT, …). Studien aus dem Ausland kennen deelweis op Lëtzebuerg iwwerdroe ginn.

## Personalschlëssel

Wann eng Infirmière an Däitschland esouvill Patienten pro Nuecht op d'Toilette begleet an dertëschent net genuch Zäit huet fir d'Desinfektioun vun den Hänn, da wéist sech zu Lëtzebuerg bei engem nämlechte Personalschlëssel déi nämlecht geféierlech hygienesch Situatioun. Leider leien eis dës Zuelen zu Lëtzebuerg net fir. D'Situatioun zu Lëtzebuerg ass onkloer.

## Fleegesensitiv Qualitéitsindikateuren (Nosokomial Infektiounen, Dekubitus,...)

Och heizou feelen Informatiounen zur Situatioun zu Lëtzebuerg.

## Décès duerch Wegloossen vun noutwändegen Soins

Sinn d'Infirmièren um fréizeitege Verstierwen vu Patienten matschëlleg wann d'Soinen net all gemach kennen ginn op Grond vun Zäitmangel?[1] Folgend Tätegkeete ginn op Grond vun Zäitmangel oft eweggelooss: Adequat PatientInneniwwerwaachung, adequat Dokumentatioun vu Fleegemoossnamen, Verofreeche vun Medikamenter zur richteger Zäit, PatientInnengespréicher, Entwéckelen an update vu Fleegepläng, Educatioun vun de PatientInnen an/ oder Familljememberen, reegelméisseg Positiounswiessel, Mondfleege, Schmerzmanagement, Virbereedung vun de PatientInnen op d'Entloossung aus dem Spidol, Hautfleege, Duerchféiere vu Behandlungsmoossnamen an anere Prozeduren (Schubert u.a. 2013).

[1] Infraction de la mise en danger délibérée d'autrui (10.2017) "... comportement fautif et hautement dangereux, qui par hasard n'a pas eu de conséquences graves pour autrui. L'infraction réprime donc des agissements très dangereux même s'ils n'ont pas porté atteinte à l'intégrité physique d'autrui." https://gouvernement.lu/fr/actualites/toutes_actualites/articles/2017/11-novembre/24-braz-mise-danger.html

## Bedarf besteet! Fehlend Fleegepolitik zu Lëtzebuerg

Den “Chief Nursing Officer” vun Lëtzebuerg deen vum Ministère de la Santé ugestallt ass, trëtt net an Erscheinung. Seng Funktioun ass eis onbekannt. Et ginn keng Dokumenter wou Fleegepolitik erwäänt gëtt. D’Fleeg steet net um Ordre du jour vun der Politik:

- Firwat gëtt keng Rifkin-Etude zur Revolutioun an der Santé duerchgefouert?
- Wéi eng Strategie huet d’Santé fir d’Zukunft a wéi eng Roll huet d’Infirmière?
- Wat wier de Plan B wann mir enges Daags net méi genuch Personal aus dem Ausland importéiere kennen a selwer net genuch Infirmièren ausbilden?
- Firwat gi Suen déi ze vill an der CNS sinn net an d’Fleegepersonal, neit Fleegematerial (Spidolsbetter, Patientenheber,....) investéiert?

Et feelt eng Fleegepolitik zu Lëtzebuerg déi:

- déi aktuell Problematiken zu Lëtzebuerg erkennt, sech dofir verantwortlech fillt, an Léisungen ausschafft,
- de "Rôle propre" vun der Infirmière promovéiert,
- de Beruff an der Ëffentlechkeet promovéiert an
- d’Formatioun promovéiert,
- d’Rahmebedingungen fir eng héichwäerteg Fleegequalitéit garantéiert,
- national Leitlinnen schaaft, definéiert (Reegelen mat Spillraum fir déi eenzel Institutiounen) asw.

# Den Ministère iwwerhëlt seng Responsabilitéit net!

## "Chief nursing officer" ouni Pouvoir

Et gi ze vill Comitéen ouni Infirmière am Verwaltungsrot (plan cancer) asw. → Et feelt eng "Cellule transversale fir infirmiers" mat Verantwortung a Decisiounsmuecht beim Ministère de la Santé (a beim Ministère de la securité sociale) déi am Sënn fir eise Beruff décidéiert.

## Responsabilitée divisée - Kee fillt sech verantwortlech

Dëst stellt en ineffektiivt Management vu fleegerelevanten Erausfuerderung zu Lëtzebuerg duer → Den Infirmier soll nees kloer bei d'Santé kommen, egal wou en schafft (net bei de Ministère de Famille,...).

## Fakten feele (goufe net erhuewe, net analyséiert oder net publizéiert) zu aktuellen Themen

Et feelt e **jäerlechen Rapport zur Laag vun der Fleeg** vu kompetenten, onofhängegen Leit déi d'Daten erhiewe, analyséieren an interpretéiere.

| Problem: Informatioune fehlen zu... | Verbesserungsfirschléih |
|---|---|
| **Personalsituatioun an der Praxis:**<br>- Wéi vill Patienten/ Bewunner pro Infirmiere sinn den aktuelle Stand zu Lëtzebuerg? an déne verschiddene Settings?<br>- Alter beim Berufsausstieg/ Pensiounsalter<br>- Krankestand vun Infirmièren/ Infirmieren zu Lëtzebuerg<br>- Wéi sinn d'Formatioun an d'Kompetenzen vun den Auxiliare de vie, ASF, Aide-soignanten,... gereegelt? Wat mécht en éducateur an der Fléeg?<br>- Aarbeschtsumgebungsqualitéit: Fort- a Weiderbildungen, | - Ausschaffe vun engem Plan d'action fir d'Ausbildung méi attraktiv ze maachen, Bewerbung vum Beruff, Fuerderung vun de Kompetenzen an Karriereméiglechkeeten…<br>- Ausschaffe vun engem Plan d'Action fir d'Infirmière sou laang wéi méiglech gesond am Beruff ze halen<br>- Iwwerschaffe vum Agreement vun 2010 duerch eng Institutiounsiwergräifend neutral Instanz, déi de Personalschlëssel, d'Entwécklungen an d'Konsequenze suivéiert an Normen defineiert. |

| | |
|---|---|
| Weiderentwécklungsméiglechkeeten, interprofessionell Kollaboratiounen, Zefriddenheet mat den direkte Managementpersounen, subjektive moraleschen Distress (Aarbechtsbelaaschtung, ausgeloossen Tätegkeeten duerch Zäitmangel, Zesummeschaffe mat net ausräichend qualifizéierte Mataarbechter, "Perceived quality of care"), Beruffs- an Aarbechtsgeschwindegkeet, Kennegungsofsiicht an Personalwiessel, Burnout asw. ...<br>- Momentan besteet en Agreement vun 2010[2], dass während der Nuetsschicht 1 Infirmière/ Haus duergeet. Dëst ass onofhängeg vun der Gréisst vun der Institutioun!<br>- Aggressioune vun de KlientInne géint d'Fleegepersonal. | - Et feelen national ethesch Leitlinnen, déi den Ëmgang bei Aggressioune vun de KlientInne géint d'Fleegepersonal reegelen. |
| **Personalimport aus dem Ausland:**<br>- Wéi eng Nationalitéit hunn déi eenzel Infirmièren déi zu Lëtzebuerg täteg sinn?<br>- Wéi vill Prozent vum Bedarf un Fleegepersonal ka Lëtzebuerg momentan selwer decken?... | Registre professionel, Ordre des Infirmiers,... |
| **Sproochekenntnisser** vum Fleegepersonal an domatten a Relatioun stoende Komplikatiounen | - Ausschaffe vun engem Plan d'Action fir d'Sproochekenntnisser ze verbesseren an d'Fleeg bei onausräichende |

[2] TEXTE COORDONNE du Règlement grand-ducal du 8 décembre 1999 concernant l'agrément à accorder aux gestionnaires de services pour personnes âgées

| | |
|---|---|
| | Sproochekenntnisser méi sécher ze maachen<br>- "Niveau des langues" am Règlement grand-ducal festhaalen |
| **Fleegerelevant Problemer** zu Lëtzebuerg am Vergläich zum Ausland | Participatioun bei internationalen Studien |
| Aktuell feelen **transparent Karriäreméiglechkeeten** am Soins-Beräich zu Lëtzbuerg:<br>Wéi eng (akademesch) Kompetenzen erméigleche wéi eng Karriären?<br>Wéi eng zousätzlech Attributioune hunn déi Infirmièren? | - Transparent Karriärweeër schaffen duerch Grënnung vun engem Aarbechtsgrupp den d'Beruffsméiglechkeete vun enger Infirmière zu Lëtzebuerg konzeptuell erschafft,<br>- Aktualisatioun vum Gesetz zum Infirmier gradué,<br>- Kloerstelle wéien Niveau wéi eng Kompetenzen huet, Bezuelung un d'Fonctioun koppelen,... |
| **Personalsituatioun an der Infirmieres-schoul:**<br>- D'Bezuelung vun de Proffen am Stage ass manner, wéi wann si géingen als Infirmier/ Infirmière an der Praxis ze schaffen (+/- 2500€ je no Situatioun).<br>- Iwwerstonnen am Enseignement ginn net transparent duergestallt a si schwéier zougänglech respektiv onzougänglech,<br>- Wéivill Proffen bräichten mir fir déi noutwändeg Infirmièren selwer auszebilden?<br>- Matschléffe vu Schüler, déi emol d'Absicht net hunn Infirmière ze ginn, déi just e BAC wëllen fir weiderféierend Studien. Doduerch huelen si déne Schüler déi de Beruff | - Rapport annuel individuel vu den Aarbeschtsstonnen am Enseignement<br>- Ofschaffen vun der 12ième an 13ième Section infirmière ouni Beruffsofschloss<br>- Promotioun vun der Carrière als Infirmièresprofesseur (momentan méi Leit déi an d'Pensioun ginn wéi néi Leit am Stage)<br>- Ofschaffen vun der 80/80/90 Regelung am Stage<br>- Reconnaissance vun der Ancienneteit beim Staat (50%) |

| | |
|---|---|
| wëlle léieren massiv Enseignants ewéch. | |
| **Bezuelung vum edukativen a präventive Charakter** vun der Roll vun der Infirmière: Am Optrag vun der “Cellule d'expertise medicale (CEM)” vun der Inspection générale de la sécurité sociale (IGSS) gouf 2012-2013 eng Studie duerch d’Universitéit Vallendar duerchgefouert. Des huet gewisen, dass et grouss Ennerscheeder tëschent der geleeschte Soins aus dem rôle propre an der réeller Bezuelung vun der Assurance dépendance ginn!<br>Eng Villzuel vu Leeschtungen, déi am aktuelle Leeschtungskatalog net enthale si, si fir eng autonom Liewensféierung doheem onverzichtbar. | D’Leeschtungen vum Role propre vun der Infirmière muss zum offizielle sozialfleegereschen Optrag ginn. E valide System muss anstatt Eenzelleeschtunge ze bezuelen versichen, de Gesamtopwand ze erkläre. |
| **D’Ënnerstëtzung vum Fleegepersonal** bei ethesche Mëssstänn ass onausräichend. | All Infirmière misst de Comité Ethique (Hospitalier) ouni Konsequenze saiséiere kenne → Rapport vum Comité Ethique misst publique gemaach ginn |

## Divers weider Themen

- **Kennen sech d’Elteren et nach leeschten, dass d’Kand Infirmiere gëtt?** Bourse vun den Infirmièresstudenten ass manner wéi d’Kannergeld virdrun, Horaire wou keng ëffentlech Transporter fuere si brauchen en Auto fir an Stagen,...
- **D’Fleegepersonal huet keen Zougang zu aktuellen Informatiounen:** Centre de Documentation et d’information fir SOINS mat engem Bibliothequaire (Accès zu Datebanken, Bicher, Leitlinnen,...)
- **Plattforme fir d’Infirmière mat enger Licence/ Masterofschlosss feelt.** Minister misst invitéieren
- **Unzuel Soins à Domicile** déi sech d’Clienten een dem anere forthuelen. Déi néi kleng Servicer preferéiere Verbänn a kleng Tätegkeeten, déi grouss, méi aal Servicer huelen déi méi opwändeg Fäll en Charge.
- **Et feelen Kommissiounen an den Gemengen déi d’Ëmsetzung vun der Infirmiere scolaire ënnerstëtzen**

- **D’Schnëttstellen** tëschent den Institutiounen a Servicer kaschte vill Energie an Zäit, mat schlechte Resultater, well d’Informatiounen net weiderginn
- **Informatik**: All Haus huet en anere System. D’Informatik-Schnëttstelle funktionéieren net richteg. → Opräschtung vun der Informatik an de Spideeler a Langzeitfleege (WIFI,...), de Grupp E-Santé (E-Prescriptioun, E-Facturatioun,...) misst sech domatt befaassen.